LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 NOV. 2019

Réf. : mfp_82exa733c

Dossier suivi par :
DISTELDORFF Adrien
Tél. : 247-83248

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation

Luxembourg, le 20 NOV. 2019

Objet : Réponse à la question parlementaire n°1365 du 21 octobre 2019 concernant la Gestion par objectifs

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre la réponse commune à la question parlementaire n°1365 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Fonction publique

Marc Hansen

63, avenue de la Liberté
L-1931 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
Fax: (+352) 26 48 36 16
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu

Äntwert vun de Ministere fir d'Verwaltungsreform a fir d'Fonction publique op d'parlamentaresch Fro n°1365 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zu der Gestion par objectifs

D'Gestion par objectifs déi den 1. Oktober 2015 a Kraaft getrueden ass, déngt als Instrument fir souwuel d'Leeschtung vun den Entitéite wéi och déi vun den Agenten déi beim Staat schaffen ze verbesseren. Et geet also drëm d'Aktivitéite vun den Entitéite besser ze plangen, ze suivéieren an dono och ze evaluéieren, alles am Sënn fir d'Qualitéit vun de Servicer fir de Bierger ze garantéieren.

D'Gestion par objectifs besteet aus e puer Elementer (Programme de travail, Organigramme, Description de fonction, Plan de travail individuel, Entretien individuel, Entretien d'appréciation), déi d'Ministèren a Verwaltunge säit Oktober 2015 ëmsetze mussen. Wat d'Delaie vun der Ëmsetzung betrëfft, do ass ze soen dass d'Gestion par Objectifs a Cyclë vun 3 Joer ëmgesat gëtt déi sech Périodes de référence nennen. Déi 1. Période de référence war vun Oktober 2015 bis Dezember 2018.
Déi 2. Période de référence ass elo amgaangen (1.1.2019 – 31.12.2021) an de Ministère fir d'Fonction publique an seng Entitéite bidden eng Rei Formatiounen a Servicer u fir d'Verwaltungen z'ënnerstëtzen an ze begleeden :

- Formatioun "Introduction à la Gestion par objectifs"
- Formatioun fir den "Entretien individuel"
- Formatioun zum "Kompetenzmodell 5+1"

Dës Formatioune si souwuel am Katalog vum INAP ze fanne mee kënnen och op Mooss an de Verwaltungen ugebuede ginn.
Et gëtt zum Beispill eng Begleedung ugebuede beim Opstelle vun den Descriptions de fonction an de Kompetenzprofiller esouwéi bei der strategescher Planifikatioun fir e Programme de travail opzestellen.
Esou wéi de Regierungsaccord et virgesäit, sinn dës Servicer ronderëm d'Gestion par objectifs vum Ministère fir d'Fonction publique a sengen Entitéiten amgaangen ausgebaut ze ginn.

Am Laf vun 2020 wäert d'Regierung iwwer méi Informatioune verfügen, dëst am Kontext vun engem neie Projet an der "Gestion prévisonnelle des effectifs". Fir déi organisationell Maturitéit vun de Verwaltunge kënne besser z'analyséieren wäerten d'Verwaltungen e Questionnaire ausfëlle mussen am Kader vun hirer pluriannueller Planifikatioun vun de Rekrutementer, wou ënnert anerem Froen iwwert d'Strategie, der interner Gestioun an der Digitalisatioun musse beäntwert ginn.

De Ministère fir d'Fonction publique setzt dës Gestion par objectifs also an enger Demarche ëm wou vill Wäert dorop geluecht gëtt éischtens d'Entitéiten ze sensibiliséieren an ze forméieren an se zweetens dono ze begleede bei der Ëmsetzung vun deene verschiddenen Elementer vun der Gestion par objectifs.